

Eemol am joer, op nationalem Plang, weisen, dass mir ons onglécklech
Komerodinnen a Komeroden net vergiessen.

Ons éischt Journée Commémorative Nationale war den 31ten August 1961
zu Esch / Velzecht. De Programm war:

10.30 Auer : Mass fir all Naziaffer

17.00 Auer : Cortège

uschleesend Gedenkfeier beim Monument aux Morts.

Virum deser nationaler Gedenkfeier war awer schon deuschen den 10te Mee
1961 no onsem grousem Protestmarsch d'Erënnerungsfeier fir ons gefalen
a Vermissten. Zu 10.000 ware mir, fir geengt eeng ongerecht Behandlung
vun den Zwangsrekrutierten ze protestéieren an zu 10.000 stunge mir
ponderem dat holze Krüz mat um Kmedeler opgericht gi war. "Aux Envoies
de Force - Morts pour la Patrie" stung op desem Krüz, roderem dat all Sektione
a fédéréit Associationen Polime gheuecht hun. D'Blume si verwielt; no
5 Teej pi sie mat dem Krüz ewech geholl gin an an der Ruecht vum 19te
Mee 1961 hun d'MajoritéitsParteien an der Chamber den deitsch letzeburger
Reparationsvertrag (lies Schandvertrag) gestëmmt.

Bei all onsen Aktionnen a déi nokommand Aktivitéiten stung de Souvenir un
ons Komerodinnen a Komeroden déi d'Chance net haten d'Heemecht erem ze
gesinn emmer an dischter Rei. Mir wollten se welle sie nie vergiessen!
D'opfir hun och vum 1961 un, joer fir joer ons National Journé'en statt
fond. Zu Esch, Diekrech, Woltz, Mamer, Letzebuerg, bis endlech an
définitif de Kanonnenhüwel d'Erënnerungs Platz gouw.

Eis Reien, déi Iwerliewend, gi joer fir joer méi kleeng an d'Zuel vun
deenen déi net méi bei eis sin an joer ze joer méi grouss.

Awer vergiessen dierfe mir, déi Verbleiwend, net, an dest net-vergiessen
musse mir weisen a beweisen.

Kommend Generationnen dierfen net feststellen mussen, dass dest net-vergiessen

2/

sidel wieder sin. Au contraire; an de Beweis brenge mir ^{erem} e Sonntag
den 3te September. An der Herz Jesu Kirch op der fare an um Kanouneu=
himel, wo mir all erem do sin. All, deenen hir Gesondheet deson Effort
nach zoulesst. Wenn men dann hu mir dat Versprechen agelêist wat
mir an de ~~F~~ Kriechfronten, an der Friemel, an de Prisongen a KZter,
an de Gefangelayeren an nom Kriech de Kranken a Verwoundte gin han:
Mir vergiesen ick net!

Jos Weirich